N° 5012
Reçue le 28.10.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 27 octobre 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe, la réponse à la question parlementaire n°5012 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

Äntwert vum Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n°5012
vum 27. September 2021
vum honorablen Députéierten Fernand Kartheiser

D'Schafe vun enger europäescher BARDA ënnert der Form vun enger Agence gouf de 16. September 2020 vun der Kommissiounspresidentin, der Madamm von der Leyen, an hirer Ried zur Lag vun der Unioun 2020 eng éischte Kéier opbruecht. Ee Joer méi spéit, an der Ried zur Lag vun der Unioun 2021, huet d'Kommissiounspresidentin dunn d'Schafe vun der HERA (European Health Emergency Preparedness and Response Authority) als Autoritéit ugekënnegt.

Virum deem Hannergrond huet d'Europäesch Kommissioun all d'Memberstaten iwwerrascht, wéi si den Dag drop, de 16. September 2021, eng Décisioun geholl huet fir d'HERA direkt als interne Service vun der Kommissioun opzesetzen. D'Kommissioun huet dat argumentéiert mat der Noutwennegkeet fir d'HERA esou séier wéi méiglech operationell ze hunn. Donieft huet d'Europäesch Kommissioun de Memberstaten ee Reglement virgeluecht, dat ënner anerem den Ëmfang vun den Aufgaben vun der HERA, soll festleeën. Dëst Propose gëtt aktuell am Conseil diskutéiert, an d'Regierung huet, wéi déi aner Memberstaten, eng Rëtsch Froen zu dëser Propose, och wat d'Kompetenzen vun der Autoritéit an déi vun der Kommissioun virgeschloe juristesch Basis ubelaangt.

Am Sënn vun der Resolutioun déi d'Chamber den 11. Juni 2020 ugeholl huet, huet d'Regierung schon ganz fréi, no der éischter Annonce vu Säite vun der Kommissioun dat ze wéilt esou eng nei Agence grënnen, d'Initiativ ergraff fir der Europäescher Kommissioun, an dat op allen Niveauen, eisen Interessi fir dës Agence hei ze Lëtzebuerg unzesidelen, matgedeelt, mam Hiweis net nëmmen op déi grouss Experienz vun der Direktioun C vun der Generaldirektioun Gesondheet a Liewensmëttelsécherheet (DG Sante) mä och op déi ze Lëtzebuerg present Servicer vun der Kommissioun an aneren hei relevanten Domainen an déi dofir méiglech Synergien a Kooperatiounen ze Lëtzebuerg. D'Regierung wäert déi Efforten weiderféieren och wa mer elo net vun enger Agence décentralisée oder enger Agence exécutive schwätzen.